



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Virun engem Joer gouf de Service Adapto - grad wéi all aner Aart vun ëffentlechem Transport -gratis. No dëser Reform hunn Persounen déi bis dohi vum Adapto profitéiert hunn, missen eng néi Kaart beim Ministère ufroen. Esou goufen am Mäerz d'lescht Joer vun 1.356 Demande fir eng Adaptoskaart, der 284 net accordéiert (Fro n°1890).

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Mëtt Mäerz krute verschidde Persounen déi Rescht op den Adapto Service hunn, ee Bréif vum Mobilitéitsministère, deen d'Iwwerpräiwung vun hiren Dossieren ukënnegt. An dësem Bréif, ginn dës Persounen och deelweis hiren Aarbechtskontrakt gefrot.
  - Firwat gouf decidéiert, dës Persounen, no hirem Aarbechtskontrakt, deen och vill confidentiel Detailer enthält, ze froen, amplaz eng einfach Aarbechtsbescheinigung vum Patron?
  - Op wéi enger legaler Basis gëtt d'Iwwerpräiwung vun den Dossiere gemaach? Gesäit dat Gesetz oder dee Reglement vir, wat fir Dokumenter de Ministère dierf froen?
2. An der Fro n°1788 gouf no der Bezuelung vun de Bus-Entreprisë fir den Adapto-Transport gefrot.

An der Äntwert sot de Minister:

*"Déi 2 lescht Froe betreffen de Kontrakt tëschent dem Mobilitéitsministère an de Betriber. Déi gefroten Informatiounen vum Bezuele vun den Trajete an de Leerfaahrten si confidentiel an onwesentlech fir de Public."*

Ass de Minister bereet, konform zum Arrêt vun der Cour administrative vum 26.01.2021, den Deputéierten an enger Kommissiounssëtzung Accès zu dëse Verträge ze ginn?

3. Aus der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2552 un de Mobilitéitsminister geet



ervir, dass nach keng Kommissioun, wéi och am Projet de loi n°7490 virgesinn, en place gesat gouf.

- Wat fir Schrëtt huet de Minister téschenzäitlech geholl, fir dës Kommissioun opzestellen?
- Kënne Persounen déi eng Adapto-Kaart refuséiert kruten, scho bei dëser Kommissioun ee Recours aleeën?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

